



INFOBLAT No 13

Mee 2011

E kleng Resumé vun eiser Generalversammlung vum 1. Abrëll 2011

No der Begrëssung vun eiser Presidentin Jackie Weber huet eis Sekretärin Milly Tasch dee gutt gefüllten Aktivitéitsprogramm vum leschte Joer virgedroen.

- den 8. Mee hate mir de 5. Anniversaire vun eiser Asbl gefeiert
- 2 Infoblätter sinn erauskomm
- 2 Visitte fir eis Membere goufen organiséiert
- 2 Formateursdeeg fir Formateure sinn ofgehalen
- 6 Mol ass de Comité zesumme komm
- 25 Course mat 329 Schüler si gehale ginn.

Eis Tresorière huet en detailléierte positive Rapport vun der Keess gemaach, dee vun de Keessekontrollen guttgeheescht ginn ass.

Nodeem d'Marianne Karen als neie Comitésmember opgeholl gouf, hu mir nach kuerz iwwert eise Programm a Projete fir 2011 diskutéiert, ier eis Vize-Presidentin mat engem Schlusswuert d'Versammlung opgehuewen huet.

No der Comitéssëtzung vum 6. Mee 2011 setzt sech eise Comité vun 11 Leit elo sou zesummen:

- Presidentin: Jackie Weber-Messerich
- Vize-Presidentin: Denise Heiderscheid
- Tresorière: Geneviève Magnette-Barthel
- Sekretärin: Mili Tasch-Fernandes

Memberen (an alphabetescher Reiefolleg):

- Yves Charpentier
- François Dondelinger
- Marco Garcia
- Marianne Karen
- Danielle Laschet-Schanen
- Nelly Linster-Hinzy
- Jean-Marie Nau



RÉCKBLÉCK IWWER „EIS FORMATEURSDEEG“ VUN 2007 UN

Am Joer 2007 entsteet d'Initiative fir Formateursdeeg z'organiséieren. D'Zil ass eng Plattform ze schafen, déi sech un all Lëtzebuergeschformateuren aus der Erwuessebildung riicht, fir sech am Beräich vun der Lëtzeburger Sprooch z'informéieren an auszutauschen.

Mir treffen eis moies um 10.00 Auer an no engem gudde Mëttegiesse geet et weider bis nomëttes 16.00 Auer.

1. JOURNÉE D'ÉCHANGE ET DE RÉFLEXION

Dëst éischt Treffen, den **20. Oktober 2007** an der Jugendherberg zu Iechternach ass fir sech kennen ze léieren, fir iwwert d'Erfahrungen an de Coursen ze schwätzen. D'Interesse ass grouss a 37 Participanten hu sech ugemellt. Den Datum fir en 2. Formateursdag gëtt festgeluecht.

2. MATERIALAUSTAUSCH

Den **12. Abrëll 2008** fanne mir eis am Château de Munsbach op engem zweeten aussergewöhnlech flotte Site erëm. Spiller an Traditiounen sinn déi zwee Themaen, déi op deem Dag ausgeschafft ginn. RTL huet e Reportage op der Televisioun bruecht.

3. BROCHUREN, TEXTER, DEPLIANTEN, INTERNETSITTEN

fir an de Coursen anzesetzen oder fir de Schüler ze recommandéieren. D'Stater Jugendherberg ass dës Kéier d'Kuliss, fir deen elo bal schonn traditionelle Formateursdag vun eiser Asbl. E Samschdeg, den **18. Oktober 2008** versammele sech 27 Formatricen a Formateuren. Um Programm stinn: 1. Brochuren, Texter an Deplianten, fir de Schüler Gemengen an Institutiounen méi no ze bréngen an 2. En Austausch vun Internetsitten, fir den Asaz vun den neie Medien an de Coursen.

4. INTER - KULTURELLE KOMMUNIKATION

Fir de 4. Formateursdag an der Jugendherberg zu Huelmes, de **25. Abrëll 2009** huet « Moien asbl » Kontakt opgehol mat dem « **Institut für Interkulturelle Kommunikation** » vertruede vun der **Madame Isabel Gutv. Schulthess, IIK Zürich**. Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi multikulturell, ëmsou méi wichteg ass dës Formatioun. Wat fir en Afloss kënnen kulturell Ënnerscheeder (z. B. Hierarchieverhalten, Bedeitung vun Zäit, Kierpersprooch.....) op e Cours hunn a wéi soll een domat ëmgoen?

5. EVALUATIONSFICHEN

Am Kader vum 5. Formateursdag, de **24. Oktober 2009** zu Buerglënster, ginn Evaluationsfichen ausgeschafft. Et handelt sech hei ëm d'Kann-Beschreiwunge vum Niveau1 Wéi evaluéiert Dir Är Schüler? Wéi eng Instrumenter hutt Dir oder kennt Dir?
Wéi evaluéieren d'Schüler Iech?

6. VIRBEREEDUNG OP DE ZERTIFIKAT AN 1. DIPLOM

Mir treffen eis de **17. Abrëll 2010** an der Jugendherberg an der Fiels. Ëmmer méi Schüler maachen déi offiziell Examen um INL „Lëtzebuergesch als Friemsprooch“ oder de „Sproochentest“ och Duebel-Nationalitéit genannt. Moies ginn dës Tester virgestallt: Inhalt, Aschreiffkonditiounen, Ausfëlle vun Aschreiffformulairen. Mëttes gëtt den Oflaf vum ZERTIFIKAT simuliert: Héiervverständnis, Liesverständnis an déi verschidden Technike fir de Schrëftlechen a mëndlechen Deel diskutéiert.

7. THEMA: WÉI GINN ECH ALS FORMATEUR MAM „FEELER“ ËM?

De 7. Formateursdag ass den **23. Oktober 2010** op der Uni um Campus Walfer. Zesumme mam Gudrun Ziegler vun der Uni Lëtzebuerg gi mir souwuel theoretesch wéi och mat praktesche Beispiller aus der Unterrichtspraxis op de Feeler an. „Welche Fehlerebenen – bei Lernern und Lehrer – lassen sich unterscheiden und wem nutzt eine solche Unterscheidung?“ ass eng vun de Froen, déi hei gestallt ginn.
Et war e ganz interessante Formateursdag.

8 D'LËTZEBUERGER SCHREIFWEIS

E Formateursdag mat engem groussen Succès.

Dësen 8. Formateursdag, e Samschdeg, de **26. März 2011** am Porhaus zu Stroossen huet sech u Leit gericht, déi scho gutt Kenntnesser an der Orthographie hunn. 37 Formateuren hu sech ageschriwwen.
Moies gëtt **d'Myriam Welschbillig** eis, bekannt fir hir Mataarbecht bei ville Bicher, déi, déi lescht Joeren erauskomm sinn, „en Iwwerbléck iwwer Grouss-a Klengschreiwung, Auserneen- a Getrenntschreiwung a Kommasetzung.“
Dësen éischten Deel vum Formateursdag ass e groussen Erfolleg an huet eis drop opmierksam gemaach, datt mir nach muenches léiere mussen, fir korrekt ze schreiwen. Et ass bestëmmt net déi lescht Ausenanersetzung mat dësem Kapitel vun eiser Schreifweis.

Nomëttes hate mir d'Freed de **Josy Braun** ze empfänken. Hien ass wuel jidderengem bekannt als Auteur vun „**Eis Sprooch richteg schreiwén**“. En huet eis de Wee erkläert, deen eis Schreifweis a kuerzer Zäit gemaach huet. 1984 ass d'LËTZEBUERGER SPROOCH zur NATIONALSPROOCH erhuewe ginn an 1999 gëtt am Memorial d'Reform zu eiser SCHREIFWEIS festgehal. De Josy Braun äntwert och op méi oder manner kniwweleg Froen zur Lëtzebuerger Schreifweis.

Et war e ganz interessante Formateursdag.

MOIEN ASBL INVITÉIERT OP DEN NÄCHSTE FORMATEURS-DAG



9. AFÉIERUNGSFORMATIOUN FIR DAT NEIT LÉIERWIERK „WAT GELIFT“

Den 9. Formateursdag ass e Samschdeg, den 18. Juni 2011 vun 9.30 bis 12.30 am Script, am Gebai vum INL. (Bd. de la Foire)

Dëst Léierwierk ass am Optrag vum Ministère ausgeschafft ginn, d'Auteurs waren de **Claudio Nodari**, d'**Danielle Knepper** an d'**Jackie Weber-Messerich**.

Leider gëtt et keng Plaze méi fir dës Formatioun. Bei grousser Nofro organiséiere mer awer nach eng Sessioun am Hierscht.

**Inscriptions et renseignements: Tél: 26 311 343-Fax: 26 311 342
Courriel: moien@pt.lu B.P.5, L-8701 Useldange www.moienasbl.lu**



HEI WARE MIR VERTRUEDEN

CLAE 2011– Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté



ESOU MÉCHT LÉIERE SPAASS

Photo: Coursen Monnerech 2011

**Certificats Iwwerreechung
Monnerech Mee 2011**

Agenda vu Juni bis Oktober 2011


18. Juni	9. Formateursdag am SCRIPT. (Gebai vum Institut National des Langues)
27. Juni a resp. den 22. August	fänken eis Summercoursen un. (éischt Sessioun) geet et weider. (zweet Sessioun) De Programm fannt Der an dësem Infoblat.
02. Juli	maache mir eng Visite vun der Useldenger Bueg.
20. September	si mir mat engem Stand um Newcomers' Day vun der Europäescher Kommissioun vertrauden.
03. Oktober	fänken eis Hierschtcoursen un.

Newcomer's Day op der Europäescher Kommissioun

Um 3. Newcomer's Day vun dësem Joer, ass MOIEN asbl nees vertrauden. Esou kënnen mir deenen neie Mataarbechter vun der Europäescher Kommissioun Informatiounen iwwert eis Coursen a kulturell Aktivitéiten ginn, déi mer am Joer organiséieren. Mir verdeelen Deplianten a Programmer.

Photo: Newcomer's Day 2010

Château d'Useldange *Burg Useldingen*



Circuit didactique accessible aux personnes
handicapées de la vue

Didaktischer Rundweg für Sehbehinderte

**Mir organiséieren eng
Visite guidée vun der Useldenger Buerg
e Samschdeg, den 2. Juli ëm 15.00 Auer.
Jiddereen ass wëllkomm.
Mellt Iech w.e.g. bis den 20 Juni un iwwer
E-Mail (moien@pt.lu) oder Telefon (26 311 343)**



Avec le soutien et la participation financière du Ministère de l'Education nationale
et de la Formation professionnelle



COURS INTENSIFS D'ÉTÉ 2011

www.moienasbl.lu

Chaque module comporte 30 heures de cours

Prix par module: 65€

Tarif réduit de 5€ applicable sous certaines conditions

Les participants aux cours peuvent bénéficier d'un congé
individuel de formation ou d'un congé linguistique
(Renseignements: www.lifelong-learning.lu)

INSCRIPTIONS ET RENSEIGNEMENTS

Tel: 26 311 343 - Fax: 26 311 342

E-Mail: moien@pt.lu

MOIEN asbl, B.P.5, L-8701 USELDANGE

SESSION 1

du 27/06/2011- 12/07/2011 (en matinée)
du 27/06/2011- 14/07/2011 (en soirée)

Niveau	Lieu	Horaire	Code
1.1.	Millebaach	9h-12h	LA-LB-188
1.1.	Gasperich	9h-12h	LA-LB-189
1.1.	Cents	18h30-21h	LA-LB-192
1.1.	Gasperich	18h30-21h	LA-LB-193
2.1.	Cents	9h-12h	LA-LB-210
2.1.	Strassen	18h30-21h	LA-LB-196
3.1.	Strassen	9h-12h	LA-LB-200
3.1.	Gasperich	18h30-21h	LA-LB-198
4.1.	Cents	9h-12h	LA-LB-212
4.1.	Merl	18h30-21h	LA-LB-214

SESSION 2

du 22/08/2011 - 06/09/2011 (en matinée)
du 22/08/2011 - 08/09/2011 (en soirée)

Niveau	Lieu	Horaire	Code
1.2.	Millebaach	9h-12h	LA-LB-190
1.2.	Gasperich	9h-12h	LA-LB-191
1.2.	Strassen	18h30-21h	LA-LB-194
1.2.	Gasperich	18h30-21h	LA-LB-195
2.2.	Strassen	9h-12h	LA-LB-211
2.2.	Strassen	18h30-21h	LA-LB-197
3.2.	Strassen	9h-12h	LA-LB-201
3.2.	Gasperich	18h30-21h	LA-LB-199
4.2.	Merl	9h-12h	LA-LB-213
4.2.	Merl	18h30-21h	LA-LB-215

